

## Evangelium vum 9. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)

### Mt 7,21-27

- 21 De Jesus sot zu senge Jünger:  
"Net jiddereen, deen 'Här, Här!' zu mir seet,  
kënnt an d'Himmelräich,  
ma deejéinegen, deen dat mécht,  
wat mäi Papp am Himmel wëllt.
- 22 Deen Dag soen der vill zu mir: 'Här, Här,  
si mir net an dengem Numm als Prophéit opgetratt,  
an hu mir net an dengem Numm Dämonen ausgedriwwen,  
an hu mir net an dengem Numm vill Wonner gewierkt?'
- 23 Da soen ech hinne klipp a kloer: 'Ech kennen iech net.  
*Gitt fort vu mir, déi dir Onrecht gedoen hutt!*'
- 24 Jiddereen, deen dës meng Wieder héiert an sech dono riicht,  
ass wéi e louse Mann, deen säin Haus op Fiels gebaut huet.
- 25 Wéi dunn eng Schauer niddergoung  
an d'Flëss geklomm sinn,  
wéi d'Stiern gehuerelt a widder d'Haus gefacht hunn,  
dunn ass et net an e Koup gefall,  
well et stoung op Fiels.
- 26 A jiddereen, deen dës meng Wieder héiert an sech net dono riicht,  
ass wéi en topege Mann, deen säin Haus op Sand gebaut huet.
- 27 Wéi dunn eng Schauer niddergoung  
an d'Flëss geklomm sinn,  
wéi d'Stiern gehuerelt an um Haus gerappt hunn,  
dunn ass et an e Koup gefall,  
an de Schued war grouss."

---

<sup>i</sup> Ps 6,9.